



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. November 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Esou wéi an engem oppene Bréif vun der Biergerorganisatioun "Fräi Liewen" ervirgeet, gouf bei enger Stéchprouf duerch den LNS (Laboratoire National de Santé) zu de PCR-Tester déi am Kader vum COVID-19 erhuewe goufen, festgestallt, datt bei der Géigeprouf just 15 Prozent vun de positive Resultater konnte confirméiert ginn. Den LNS huet insgesamt 59 Tester iwwerpréift, déi sech op 50 Bierger verdeelt hunn, dëst well fir verschidde Bierger méi ewéi een Test kontrolléiert gouf.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi vill positiv PCR-Tester zu Lëtzebuerg vum 1. Mäerz 2020 u bis zum Enn vun der 42. Kalennerwoch 2022 gemaach goufen, wéi dacks duerch den LNS eng Géigeprouf geholl gouf a wéi d'Resultater vun dëse Prouwen (positiv, negativ, onbestëmmt asw.) ausgefall sinn?
- 2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob Leit deenen hire PCR-Test bei der Géigeprouf negativ war heiriwwer informéiert goufen an aus den offizielle Statistiken zu den Infektionszuelen erausgerechent goufen? Falls net, wéi war déi Decisioun motivéiert? Kann d'Madamm dann nodréiglech déi berengegt Statistik presentéieren?
- 3) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi eng Käschtchen d'Sozialversécherunge fir Bierger iwwerholl hunn, deenen hir Géigeprouf negativ ausgefall a wéi héich de Gesamtmontant vun dëse Käschtchen louch? Falls déi Leit am Hibleck op d'Isolatiounsdauer, de Krankeschäin asw. d'nämmlecht behandelt goufen, wéi wann d'Géigeprouf positiv gewiescht wier, kann d'Madamm Minister da matdeelen, wéi vill Suen hätte kënnen agespuert ginn, wann d'Leit nom zweeten Test als negativ gehandelt gi wieren?
- 4) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob déi Leit, déi no engem positiven Test verstuerwe sinn awer d'Géigeprouf sech als negativ erausgestallt huet, och an der Statistik vun de COVID-Verstuerwene gezielt goufen? Goufen déi Hannerbliwwen heiriwwer informéiert? Falls net, wéi war déi Decisioun motivéiert? Kann d'Madamm Minister nodréiglech déi berengegt Statistik presentéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten